N°7698
Entrée le 02.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Op der ENAD, der Ecole nationale pour adultes, kann eng Persoun e neie Karriärswee aschloen an eng nei schoulesch Formatioun maachen. Wärend der Ausbildung mussen d'Leit nees d'Schoulbänk drécken a gi gläichzäiteg zum Deel schaffen. Fir dës Aarbecht ginn si awer just wéi Schüler bezuelt. Fir vill Leit geet dat awer net duer, well si dacks scho matten am Liewe stinn an nach aner finanziell Verflichtungen hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gesäit de Minister fir, eng Upassung bei de Gehälter virzehuele fir Leit, déi am Kader vun hirem zweete Karriärswee bei der ENAD ageschriwwe sinn?

2. Kéint de Minister sech virstellen, eventuell eng Zort Bourse mat engem Prêt, änlech wéi et dëst aktuell fir Studente gëtt, och fir d'Schüler vun der ENAD anzeféieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten